N°1520
Entrée le 15.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.11.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. November 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden.

Dëser Deeg ass um Internetsite vun eisem nationale Sender ënnert der Rubrik "News" op wiesselende Plazen een Text ënnert dem Titel "D'Limitte vum gesetzleche Pensiounssystem kennen an handelen" opgetaucht. Ganz diskret gëtt drop higewisen, datt et sech em e "sponsered content" vun enger Versécherungsgesellschaft handelt.

Als Ulass gëtt déi vun der Regierung lancéiert Pensiounsdiskussioun geholl. No der Behaaptung, datt eise Pensiounssystem "net endlos weidergefouert ka ginn", fënnt ee Loblidd op di privat Altersversuergung an domat verbonne Steiervirdeeler statt.

En änlech getarnten Text ënnert der Rubrik "News", dës Kéier vun enger anerer Versécherungsgesellschaft, leeft ënnert dem Titel "Wéi optimiséiert Dir Är Steiererklärung?"

- Ech wollt dofir vun der Regierung wëssen, wéi si zu dësem Vermësche vun Informatioun a Reklammen op eisem nationale Sender steet, deen iwwer eng Konventioun mam Lëtzebuerger Staat verbonnen ass?

- Gedenkt d'Regierung gegeebenefalls d'ALIA (Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel) ze befaassen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten